Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 10. Juli 2022

# Update zum Enn vum Schouljoer 2021/2022

- ## Mobilitéit vun den Employéen

Bei där leschter Reform vum Stage am Enseignement secondaire (2019) gouf de Parcours vun den Employéen inhaltlech zu engem grousse Deel deem vun de Fonctionnairen ugeglach. Ënnerscheeder ginn et weiderhin am zertifikative Volet, awer och bei der Affektatioun vum Agent nom Ofschloss vu sengem Stage. **Wärend d'Employéen d'office an deem Lycée bleiwen, an deem si de Stage absolvéiert hunn, ginn d'Kolleeginnen a Kolleege Fonctionnairen op ee vun den oppene Posten uechtert d'Land affektéiert**. Béid Variante kënne souwuel zum Virdeel, wéi och zum Nodeel vum jeeweilegen Agent sinn. Wärend de Fonctionnaire eventuell gären a „sengem" Lycée, an deem hie vläicht selwer scho Schüler war, bleiwe wéilt – mee net bleiwen däerf – esou wéilt den Employé gären an een anert Gebai wiesselen, däerf dat awer net, well **Stand haut fir d'Employéen am Secondaire keng Affektatiouns- respektiv Mutatiounssprozedur existéiert**.

An enger Reunioun mat Vertrieder vum Educatiounsminister hu mir konkret Virschléi gemaach, wéi een d'Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur an Zukunft méi gerecht kéint gestalten, andeems d'Employéen och heiran integréiert ginn. **Mam Zil, den Examen-Concours an domat d'Fonctionnariat erëm verstäerkt ze promovéieren, erwaarde mir an deem Kontext, dass de Fonctionnairen dann beim Besetze vun de Posten eng erhéichte Prioritéit zougestane gëtt**. Eis Propose wäerten a weidere Gespréicher verdéift ginn. De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP wäert sech jiddefalls dofir asetzen, déi aktuell Modalitéiten esou séier ewéi méiglech ze reforméieren.

- ## Blockéiere vum Avancement an der Karriär duerch feelend FoCo-Stonnen

Säit dem Schouljoer 2007/2008 ass d'Formation continue feste Bestanddeel vun der Tâche vu jidder Enseignant am Secondaire. Wéi dir sécherlech wësst, muss all Enseignant innerhalb vun enger Referenzperiod vun am Prinzip 3 Joer un insgesamt 48 Stonne Formation continue deelhuelen. Bei partieller Tâche gëtt d'Unzuel u FoCo-Stonnen deementspriechend proratiséiert. De Compteur vun dëse FoCo-Stonne kann an der Applikatioun « ***eFormation*** »[1] consultéiert ginn (hei sinn all IFEN- a sonsteg Formatiounen, wéi z.B. Journées pédagogiques, cumuléiert ugewisen).

[1] https://portal.education.lu/Applications

**Obwuel d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP an deene leschte Joren ëmmer erëm drop higewisen huet – an dëse Sujet och kierzlech an enger Parlamentarescher Fro[2] opgegraff gouf – sinn sech leider ëmmer nach vill Enseignanten net bewosst, dass et a punkto Formation continue nach eng zousätzlech Konditioun z'erfëlle gëllt**. Esou gesäit nämlech d'Traitementsgesetz vum 25. Mäerz 2015 vir, dass d'Professeren E7[3] an d'Chargés d'enseignement E4/E6 fir d'Erreechen an d'Iwwerschreide vum Echelon 14 an hirem jeeweilege Grad 180 Stonne Formation continue mussen noweise kënnen. Eng ganz Rei Professeren erreechen dëse Seuil schonn 11,5 Joer no hirer Nominatioun als Candidat, dat heefeg am Alter vun 38 Joer. An dësem an an änleche Fäll kann et virkommen, dass den Agent dee Moment nach net déi noutwendeg 180 Stonne FoCo ugesammelt huet, och wann hien déi senger Tâche entspriechend Mindestzuel un obligatoresche FoCo-Stonne Joer fir Joer geleescht huet. Besonnesch heivu betraff sinn Enseignanten, déi e puer Joer Deelzäit geschafft hunn. Dat folgend **Beispill** illustréiert allerdéngs, dass duerchaus **och Enseignante betraff sinn, déi zu all Moment vun hirer Karriär Vollzäit geschafft hunn**:

| Schouljoer | Statut | Ancienneté it | Echelon | Alter | Obligatoresch FoCo-Stonne laut ACT72 (bei Tâche 100%) |
|---|---|---|---|---|---|
| 2006/2007 | Chargé d'enseignement | 0 | | 24 | 0 |
| 2007/2008 | Stagiaire-fonctionnaire | 0 | | 25 | 0 |
| 2008/2009 | Stagiaire-fonctionnaire | 1 | | 26 | 0 |
| 2009/2010 | Nomination Candidat | 2 | 4 | 27 | 8 |
| 2010/2011 | Nomination Professeur | 3 | 5 | 28 | 8 |
| 2011/2012 | | 4 | 5 | 29 | 8 |
| 2012/2013 | | 5 | 6 | 30 | 8 |
| 2013/2014 | | 6 | 8 | 31 | 8 |
| 2014/2015 | | 7 | 9 | 32 | 8 |
| 2015/2016 | | 8 | 9 | 33 | 16 |
| 2016/2017 | | 9 | 10 | 34 | 16 |
| 2017/2018 | | 10 | 10 | 35 | 16 |
| 2018/2019 | | 11 | 11 | 36 | 16 |
| 2019/2020 | | 12 | 11 | 37 | 16 |
| 2020/2021 | | 13 | **14** | 38 | 16 |
| | | | | **Total:** | **144 h < 180 h ⇒ Karriär blockéiert !** |

Dee fir d'Karriärsentwécklung relevante FoCo-Compteur fannt Dir online um Site [https://myrh.intranet.etat.lu/](https://myrh.intranet.etat.lu/) ënnert dem Onglet « ***Compte formation*** », am « *Espace agent* », dee vun der Fonction publique fir d'Ausbezuele vun der Pai consultéiert gëtt. Hei gëtt d'FoCo vu Stonnen an Deeg ëmgerechent, no der Formel 1 Dag = 6 Stonnen. Mir hunn de CGPO drop opmierksam gemaach, dass bei däser Ëmrechnung an hirem System momentan ze staark ofgerënnt gëtt (z.B. sinn hei 2 Stonne FoCo als 0,3 amplaz 0,333 Deeg comptabiliséiert).

A senger Äntwert op déi rezent Parlamentaresch Fro hunn den Educatiounsminister an de Minister fir den Ëffentlechen Déngscht missten zouginn, dass et **aktuell tatsächlech Enseignante ginn, déi onwëssentlech an hirer Karriär blockéiert sinn**. **Obwuel mir zougeséchert kruten, dass déi betraffen Enseignanten géifen iwwert hir Situatioun informéiert ginn, krute si bis ewell weder vum MENJE, nach vum CGPO matgedeelt, dass hir Karriär esoulaang wäert agefruer bleiwen, bis si déi néideg**

[2] *https://men.public.lu/content/dam/men/fr/actualites/articles/questions-parlementaires/2022/06/qp-6132.pdf*

[3] *Déi nom 30.9.2015 agestallte Professere mussen 72 Stonne FoCo noweisen, fir kënnen an de Grad 15 z'avancéieren (12 Joer no hirer Nominatioun) an 180 Stonnen, fir kënnen an de Grad 16 z'avancéieren (20 Joer no hirer Nominatioun). Fir dës Agente stellt sech deen an dësem Communiqué beschriwwene Problem kaum, well si vun Ufank un u 16 Stonne FoCo pro Joer am Duerchschnëtt gebonne sinn.*

**180 Stonne Formatioun ugesammelt hunn.** De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP mécht drop opmierksam, dass **e Blockage am Avancement vun der Karriär séier zu dausenden Euro Paiverloscht pro Joer féiert**!

Am leschte Punkt vu senger Äntwert op uewe genannte Parlamentaresch Fro schreift den Educatiounsminister, dass **Enseignanten a verschiddene Fäll eng Dispens vun der erfuerderlecher 180-Stonne-Konditioun kréie géifen**: *« Déi motivéiert Dispens déi den Artikel 50, Paragraph 5 aus dem Gehältergesetz virgesäit gouf och scho bei enger Partie Enseignante benotzt, ënnert anerem dann, wann en Enseignant Deelzäit geschafft huet, fir sech em déi eege Kanner ze këmmeren. An esou oder ähnleche Fäll kann et nämlech duerchaus virkommen, datt en Enseignant, obwuel e seng Formation continue gemeet huet wéi et seng Tâche vun him verlaangt, net op déi erfuerderlech 180 Stonne kënnt. Fir dëse spezielle Situatioune Rechnung ze droen, an den Enseignant net ze schueden, gouf dofir op dës Dispens zeréckgegraff. » (sic)*

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP verlaangt eng **kloer Oplëschtung vun de Krittären, déi mussen erfëllt sinn, dass dës Dispens ausgeschwat gëtt!** Op guer kee Fall wäerte mir akzeptéieren, dass et zu Diskriminatiounen opgrond vum Familljestatus vum jeeweilegen Enseignant kënnt. Doriwwer eraus wäerte mir eis an dësem Dossier eréischt dann zefridde weisen, nodeems jidder Enseignant, deen déi senger Tâche entspriechend Unzuel u Formatiounsstonnen an all Referenzperiod geleescht huet, retroaktiv déi verlueren Avancementer nobezuelt kritt huet!

- ## Iwwerstonne bei partieller Tâche

Ëmmer nach vill ze heefeg kënnt et vir, dass Enseignanten, déi vum Minister eng partiell Tâche accordéiert kruten (40 %, 50 %, 60 %, 70 %, 75 %, 80 % oder 90 %), trotzdeem Iwwerstonne leeschte mussen. Well dës onfräiwëlleg Méiaarbecht miserabel als Iwwerstonne bezuelt gëtt, ouni Cotisatioun an d'Pensiounskeess, ass dës Situatioun fir déi betraffen Enseignanten e Verloschtgeschäft op ganzer Linn ! **An enger Entrevue mat Vertrieder vum Educatiounsminister krute mir verséchert, dass an Zukunft een Enseignant an Deelzäit nëmmen nach allerhéchstens esou vill Iwwerstonne kréien dierft, bis den nächsten „Palier" erreecht ass** *(Beispill : Een Enseignant mat enger partieller Tâche vu 50 % dierft duerch Iwwerstonnen net iwwert eng reell Tâche vu 60 % erausgoen).*

- ## Indemnitéite fir d'(Examens-)Kommissiounen

Wärend d'Enseignanten hir Aarbechten am Kader vun der Summersessioun vun den Ofschlossexamen 2021/22 längst ofgeschloss hunn, goufen der vill vun hinne mol **nach net fir d'Sessioun vun 2021 indemniséiert**. Op Nofro hi krute mir erkläert, dass net genuch Budget iwwreg war, fir all dës Indemnitéiten zäitno auszebezuelen, an et dofir wuel nach bis Ufank 2023 dauere wäert, bis jiddereen ausbezuelt ass.

Nodeems viru ronn 10 Joer de Montant vun den Indemnitéiten ëm 25 % gekierzt gouf – eng reng Spuermoossnam, déi bis haut net réckgängeg gemaach gouf – bréngt de Ministère et elo mol net méi fäerdeg, genuch Budget virzegesinn, dass jidder Member vun enger Examenskommissioun seng (gekierzten) Indemnitéit an engem raisonnabelen Delai ka bezuelt kréien. Dëst ass e weidert Zeeche vu feelender Wäertschätzung fir d'Aarbecht vun den Enseignante säitens hirem Patron. **De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert, dass déi nach opstoënd Indemnitéiten esou séier**

**ewéi méiglech ausbezuelt ginn, an dass déi 25 % Reduktioun vum Montant vun den Indemnitéiten a <u>sämtleche</u> Kommissiounen endlech réckgängeg gemaach gëtt!**

- **Urechne vu 16 Stonne Formation continue**

Ufank 2021 (*cf. eise Communiqué vum 9. Februar 2021*) hat de Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP gemeinsam mat 5 anere CGFP-Ënnerorganisatiounen e Bréif un den Educatiounsminister Claude Meisch adresséiert, mat der Fuerderung zur Urechnung vun enger pauschaler Unzuel u FoCo-Stonnen, dëst als Wäertschätzung fir dee groussen autodidakteschen Effort, deen d'Enseignante beim Eraschaffen an digital Unterrechtsforme beim kuerzfristegen Ëmstellen op Homeschooling am Ufank vun der Pandemie geleescht haten. **Och 1,5 Joer méi spéit huet de Minister et nach net fir néideg fonnt op dëse Bréif ze äntweren, an huet trotz mëndlecher Zouso fir eis Fuerderung ëmzesetzen e Réckzéier gemaach!** Well awer an Tëschenzäit eng ganz Rei Direktiounen hiren Enseignanten eng gewëssen Unzuel u FoCo-Stonne guttgeschriwwen hunn – mat deelweis groussen Ënnerscheeder tëscht deenen eenzele Gebaier – besteet momentan eng Ongerechtegkeet op nationalem Plang. **De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert, dass de Minister senger Zouso nokënnt a jidder Enseignant pauschal mindestens 16 Stonne FoCo urechent!**

- **Alimentatioun vum Zäitspuerkont (CET)**

D'Gesetz zum Zäitspuerkont an der Fonction publique gesäit vir, dass een Enseignant bis zu 20 % vu senger duerchschnëttlecher Tâche réglementaire kann op säin Zäitspuerkont (CET) abezuelen. Bei enger voller Tâche entsprécht dëst 4,4 Leçonen. Bis ewell gouf dëse Plaffong pro Mount applizéiert, zum Nodeel besonnesch fir déi Enseignanten, déi temporär am Laf vum Schouljoer däitlech méi wéi 4,4 Iwwerstonne pro Woch geleescht hunn. **Op Nofro hi krute mir nach eng Kéier versëchert, dass dëse Plaffong ab dësem Schouljoer net méi pro Mount applizéiert, mee iwwert dat ganzt Schouljoer gestreckt gëtt. Dëse Berechnungsmodus ass zum Virdeel vun den Enseignanten.** Dofir gëllt et onbedéngt am An ze behalen, dass dëst bei där kommender Joresofrechnung vun den Tâchen (November 2022) och genee esou ëmgesat wäert ginn.

- **Matricule continue**

Duerch d'Aféiere vun der ominéiser Matricule continue ass den **administrativem Opwand fir d'Enseignanten am Secondaire weider eropgaangen**. Wärend de Prinzip vun esou enger Matricule continue beim Semester-System duerchaus ka punktuell Virdeeler hunn, sou verléiert d'Matricule continue beim Trimester-System hir Dosinnsberechtegung awer komplett. D'Enseignanten si sech jiddefalls gréisstendeels eens, dass dësen informateschen Outil fir de Moment nach **net ausgeräift a guer net benotzerfrëndlech** ass. Falls de MENJE d'Matricule continue wëll bäibehalen, da muss dës onbedéngt grondleeënd reforméiert a virun allem och verstäerkt mam Fichier élèves synchroniséiert ginn. **Am Fall vum Trimester-System muss d'Matricule continue fir 2022/2023 ersatzlos gestrach ginn!**

***De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP wënscht jidder Enseignant eng schéin an erhuelsam Summervakanz !***